



Assemblée générale ordinaire du 11 mars 2020

Allocution du président Steve Keipes

Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Gudden Owend a Merci datt Dir Iech Zäit geholl an de Courage opbruecht hutt fir trotz dem Coronavirus op d'Generalversammlung vun der AGC lauschteren ze kommen.

Ganz besonnesch begréissen wëll ech gläich zwee fréier AGC-Präsidenten, den Fernand Muller an den Thierry Ries.

Well sech de Georges Muller, Direkter vun der CHFEP, kuerzfristeg aus private Grënn ofgemellt huet, heeschen ech séng Mataarbechter den Här Marc Poos an d'Madame Teresa Dias wëllkomm.

Natierlech sinn ech och frou datt eise Comitésmember Romain Wolff a sénger Fonktioun als Präsident vun der CHFEP a vun der CGFP de Wee op Dummeldeng fonnt huet.

Doriwwer eraus ass et mer eng ganz grouss Freed an Éier fir och den Generalsekretär vun der CGFP, den Steve Heiliger, hei op eiser Generalversammlung kënnen ze begréissen.

Wann ech dann weider duerch de Sall kucken, wëll ech awer all déi fréier Comitésmemberen déi fir d'AGC vill geschafft hunn op dëser Plaz net vergiessen.

Dat läscht Joer war fir d'AGC éischer e rouegt Joer. Et goufen keng Highlights a keng grouss Feieren. Dat heescht awer net, datt näischt geschafft ginn ass. Ganz am Géigendeel! Haaptsächlech een Dossier huet di läscht zwielef Méint dominéiert: d'Reform vun der Formation générale um INAP!

Op der läschter Generalversammlung, den 06. März 2019, hat ech hei op dëser Plaz iwwert dëst Thema scho geschwat. Deemols hat ech gesot datt mer dësen Dossier am A misste behalen. Dat huet sech gerechtfärdegt. D'Iddi fir eng Formation au choix vum Verwaltungschef ze schaafen war net di schlechste, bis déi Formatioun net méi obligatoresch war. Domadder wär nëmmen nach d'Formation du tronc commun vu 60 Stonnen iwwreg bliwwen, déi e Stagiär misst duerchlafen. Op der Entrevue vum 22. März 2019 hu mer mam Minister Hansen iwwert eis Revendicatiounen geschwaat. Hie war gutt gelaunt an huet sech alles ugelauschert wat mir iwwert d'Formatioun, d'Postes à responsabilité particulière, den Mécanisme temporaire de changement de groupe de traitement, den neien Bewäertungssystem, den Télétravail, den Artikel 36 vum Statut an de neien Staatsexamen gesot hunn. De Minister huet zu verschidde Punkten ee bëssege Kommentar ofginn, mä vum Ëmstand datt awer eppes un der Formation générale vum INAP giff geännert ginn, dovunner huet hien awer näischt gesot. Mir sinn dëst réischt gewuer ginn wéi de Projet de loi fir Avis an eis Beruffschamber komm ass. Well d'Formatioun fir d'AGC e wichtegt Thema ass, konnte mer dës Kierzung net hinhuelen.

Aus deem Grond, hu mer de 04. Juni 2019 e Bréif un de Minister Hansen geschriwwen an deem mer eis Argumenter an eis Bedenken présentéiert hunn fir déi Ännerungen nees réckgäנגeg ze man. Leider huet eis de Minister op dee Bréif net geäntwert. No der Summerpaus hu mer eis da gezwonge gesinn méi Drock an dësem Dossier opzebauen. Well de Projet de loi Mëtt September 2019 an d'Chamberkommissioun komm ass, hu mer engersäits dem Minister Hansen den 27. September 2019 en zweeten Bréif zoukomme gelooss an deem mer ugedeit hunn datt mer e Litige an d'A giffe faassen an anerersäits bei der gréisster Oppositionspartei ugeklappt fir Ënnerstëtzung fir eis Positioun ze kréien. D'CSV konnt oder wollt näischt fir eis maachen, mä iwwerraschenderweis krute mer awer eng Entrevue den 23. Oktober 2019 beim Minister Hansen.

Op där Réunioun war de Minister Hansen net méi sou fein wéi nach am März. Obwuel et schéngt wéi wann hien eisen éischte Bréif net gesinn hätt, huet en sech den zweeten ëmsou méi genau ugekuckt. Hien huet sech opgereegt datt mir ouni Fakten de Schoulsystem kritiséiere géifen an datt mer giffen woen an d'Presse ze goen wat jo jiddferree kéint man a wou hien 20 Joer geschafft huet. Datt hien den Sozialdialog net respektéiert hätt, wollt en och net zouginn an huet versicht mat E-Mailen un d'CGFP de Géigendeel ze beweisen. Op deem Punkt ass et him geleeë komm datt d'Reform vun der Formatioun um INAP onglécklecherweis ee vun den Bestanddeeler vum Gesetzesprojet war, deem d'Ofschaffen vun der 80/80/90-Regelung virgesinn huet. Dat huet et eis méi schwéier gemaach, well mir dëst net wollten torpedéieren. De Minister Hansen huet sech jiddefalls ganz kloer geweigert op dësem Punkt nach eppes an der Gesetzesvirlag z'änneren. Obwuel déi obligatoresch Stonnenzuel awer schlussendlech nach vun 60 op 90 Stonnen erhéicht ginn ass, entsprécht datt op guer kee Fall eisen Erwaardungen.

Well de Minister Hansen vun der neier Formatioun insgesamt ganz iwwerzeegt ass, huet hien eis d'Méiglechkeet ginn fir eis vun den Responsablen vum INAP alles erklären ze loossen. Duerno kéint een sech dann am neie Joer zesummesetzen an iwwert dee Sujet schwätzen. Dat hu den Bureau exécutif vun der AGC mer ugeholl a sinn den 20. November 2019 op den INAP gaang fir eis hirt Konzept unzelauschten. Et war en interessanten Meenungsaustausch, méi awer net. Dat Konzept wat si sech an hirer Seefeblos ausgeduecht hunn, kléngt gutt an ass vläicht pädagogesch wäertvoll a sënnavoll, mä dat klappt eiser Meenung no net um Terrain. Alles steet oder fällt mat der Formation continue. De Beamten soll su vill wéi méiglech Formatioun no sénger Ustellung man. Hie soll a séngem Choix ganz fräi sinn an et soll och keng Aschränkungen an der Unzuel vun de Formatiounen bestoen. Wann een awer an der Realitéit gesäit wi vill Formatiounen ausfallen, ofgesot oder refuséiert ginn, da kann dat net opgoen. Mir schaffen deemnächst an engem Arbeitsgrupp e Konzept aus, wéi mir als AGC di Formation générale gesinn. Dann wärte mer beim Minister Hansen uklappen a mat him doriwuer diskutéieren. Wien an dësem Arbeitsgrupp wëll mat derbäi sinn, brauch sech nëmmen ze mellen an ass häerzlech wëllkomm.

Et muss een leider zouginn datt d'AGC an dësem Dossier eng schlecht Position huet. D'Stagiären si frou datt se net méi suvill Formatioun um INAP musse man. D'Verwaltungen freeën sech datt hinnen d'Leit éischer zur Verfügung stinn. Omfong ass jiddereen mat där Reform zefridden. Wat wëllen da nëmmen déi vun der AGC? Ech gesinn et als Pflicht fir eng Gewerkschaft méi wäit ze denken wéi de betroffenen Fonctionnaire. An do ass de Fakt datt d'Formatioun sou radikal gekierzt gëtt ganz schlecht. Engersäits well manner Formatioun och manner Wëssen a manner Kompetenzen bedeit, anerersäits well dës Reform mëttel- a laangfristeg d'Gefor mat sech bréngt datt iergendeen op d'Iddi kënnt datt manner Formatioun och manner Suen am Portemonnaie bedeit. Do ass et d'Aufgab vun der AGC fir géigenzesteieren. E weidert Argument fir eng anstänneg Formation générale ass d'Tatsaach datt d'Épreuve d'aptitude générale, also de neien Staatsexamen, einfach net dat richteg ass. Wéi der mierkt, sinn ech kee Frënd vun dëser Neierung. Et brauch ee net vill ze kënnen fir en ze packen, ausser e puer mol richteg ze klicken. Deen Ëmstand mécht nach emol kloer datt d'Kierzung vun der Formation générale net akzeptabel ass fir dem zukünftegen Beamten déi néideg Kompetenzen mat op de Wee ze ginn fir seng beruflech Herausforderungen ze meeschteren.

Ee weidere Punkt deen eis an deem Dossier wichteg ass, ass d'Aféieren vum Observateur am zweeten Deel vum Staatsexamen, dee jo gréisstendeels als Interview ofgehale gëtt. An eiser éischer Entrevue mam Minister Hansen hate mer eng laang Diskussioun iwwert dës Revendicatioun. De Minister wollt dat einfach net verstoen. Sénger Meenung no bräichten déi Leit kee Babysitter a kéinten sech selwer verteidegen wann am Interview komesch Froen giffe gestallt ginn. Dat gleewen ech net, well wann een alleng virun 3-4 Persounen sëtzt an et praktesch ëm d'Zukunft geet, dann äntwert een op all Fro déi gestallt gëtt. A genau do giff et hëllef wann eng neutral Persoun giff sëtzen an dann noutfalls kéint agräifen.

War et um internationalen Plang de Brexit deen d'Leit an Otem gehalen a fir Kapprëselen gesuergt huet an heiheem d'Feststellung datt d'Liewen als Politiker dach méi geféierlech ass wéi ee mengt wann en d'Beispill vum Camille Gira an Felix Braz hält, huet an der CGFP den Dossier Aménagement de la durée et du temps de travail, deen sech praktesch iwwert dat ganz Joer 2019 bis an dëst Joer eragezunn huet, fir Opreegung gesuergt. Et war awer och néideg datt fir den Schichtdéngscht e legale Kader huet misse gesat ginn nodeems d'Leit déi am Horaire mobile schaffen den CET kritt hunn. Am Ufank gouf nach vernünfteg mateneen geschwaat bis d'Gemidder bei der Präsentatioun vum éischten Accord tëscht CGFP a Minister Hansen endgültig héich gekacht sinn an et duerno zu turbulenten Deeg komm ass. D'Summerpaus koom wéi geruff, éier am Hierscht sérieux an konzentréiert un enger gemeinsamer Propose fir en neien Accord geschafft ginn ass. D'Verhandlungen mam Minister Hansen iwwert dës Propose hunn dann zu engem zweeten Accord gefouert. Nodeems en an de Gremien vun der CGFP ugeholl gouf, ass den Accord den 21. Januar 2020 tëscht der CGFP an dem Minister Hansen ënnerschriwwen ginn.

Well eisen Secrétaire général a séngem Rapport nach am Détail op dësen Accord wärd ze schwätzen kommen, halen ech mech kuerz. Ech wëll awer nach betounen datt mer als AGC am Virfeld gutt matgeschafft hunn, datt mer mam Resultat zefridde sinn an datt mer dem Bureau exécutif vun der CGFP Merci soen fir d'Arbecht déi si geleescht hunn. Lo kierzlech den 06. März 2020 kruten d'Memberen vum Comité fédéral vun der CGFP en Avant-projet de loi geschéckt, deen den Accord ëmsetze soll. Dee muss een sech awer nach mi genau ukucken fir rauszufannen ob do alles sou drasteet, wéi et am Accord festgehale ginn ass.

Nodeems ech lo vill zrëck gekuckt hunn, wéilt ech de Bléck no vir riichten. Vum 20. bis den 31. März 2020 stinn d'Sozialwahlen fir eis Beruffschamber um Programm. Ënnert dem Slogan „Staark an d'Zukunft“ versicht d'CGFP alleguer d'Sëtz ze kréien. Natierlech ass dat och den Usproch vun der AGC an der Catégorie B, mä mir hunn eis trotzdem op eng Géigelëscht virbereet. Dowéinst huet eise Comité am Virfeld eng Lëscht vu Kandidaten aus dem gdt B1 opgestallt, déi alles vereent fir dat d'AGC steet. Dës Lëscht gouf dann ouni Problem op Våltesdag am Ministère vun der Fonction publique déposéiert. Nom läschten Délai den 18. Februar 2020, gouf et dunn den 20. Februar 2020 offiziell vum Ministère proclaméiert. Eis Lëscht war déi eenzeg zoulässeg déi an der Catégorie B hannerluecht gouf. Domadder sinn eis 10 Kandidaten d'office an d'Beruffschamber gewielt. Dat sinn als Membres effectifs den Romain Wolff, de Georges Dennewald, de Christian Faber, d'Irène Thill an den Steve Keipes. D'Membres suppléants sinn den Édouard Viana, deen als Verrieder vum B1 technique vun der FGEC virgeschloe ginn ass, den Gérard Bucari, d'Lynn Luciani, d'Stéphanie Pauly an den Laurent Zimmer. Ech sinn iwwerzecht datt déi genannte Kollegen an der Beruffschamber gutt wärten zesummeschaffen an eng gutt Arbecht fir d'Catégorie B wärten ofliwweren. Am selwechten Otemzuch wëll ech awer eise Leit déi virdrun fir de Kont vun der AGC an der Beruffschamber waren Merci soen fir hirt Engagement wat si am Sënn vum gdt B1 gewisen hunn!

Well d'loi organique vun der CHFEP leider nach net un d'Reform vun 2015 ugepasst gouf, gëtt am gdt A2 administratif net gewielt. Natierlech hätt d'AGC sech als eenzege Vertrieder beméit fir op där Lëscht e Kandidat ze stellen, mä dat wärd dann héchstwahrscheinlech réischt bei de nächsten Wahlen am Joer 2025 de Fall sinn.

Well mer jo all wëllen datt d'CGFP gutt bei dëse Wahlen soll ofschneiden, giff ech un Iech all den Opruff maachen fir an ärem Frëndeskrees an bei de Kolleegen op der Arbecht Reklamm fir d'Kandidaten op de verschiddene Lëschten vun der CGFP ze man.

Schlussendlech sinn ech houfreg un der Spëtzt vun sou engem aktiven a sympatheschen Comité d'äerfen ze stoen. Leider ass awer viru kuerzem eng Plaz fräi ginn. Jiddereen deen interesséiert ass, d'äerf sech gär denowend, per E-Mail oder Telefon bei mir oder engem Comitésmember mellen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet!